ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2022

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest a bedauert zudéifst, datt

- am Kader vun der Ukrainkris grausam Krichsverbrieche geschéien;

ass sech bewosst, datt

- an engem Krich d'Vëlkerrecht a speziell d'Krichsrecht (jus in bello) leider dacks verletzt ginn, an dat mat onmënschleche Konsequenzen;
- et sech an esou Fäll dacks em ganz komplex Situatiounen handelt, an deenen déi bedeelegt Krichsparteien en Interessi drun hunn, net ëmmer d'Wourecht zouzeginn oder si esou guer ze verstoppen;
- datt eng vun alle Säiten unerkannten Opklärung vun esou Verbrieche wa méiglech duerch déi dofir zoustänneg an neutral international Organisatioune wéi z.B. d'UNO an d'OSZE oder spezialiséiert Institutioune soll geschéien, mat Bedeelegung vun alle concernéierte Krichsparteien, an datt déi verantwortlech Persounen zur Rechenschaft solle gezu ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- an allen internationalen an dofir kompetenten Organisatiounen an deene Lëtzebuerg Member ass fir eng komplett an objektiv Opklärung vun de Krichsverbriechen an der Ukrain anzetrieden;
- sech am Kader vun hire Méiglechkeeten un internationalen Enquêten zur Opklärung vun alle Krichsverbriechen an der Ukrain ze bedeelegen;
- mat dofir anzetrieden datt Persounen déi méiglecherweis Krichsverbrieche begaangen hunn viru Geriicht kommen.